LSAP

lsap.lu

(Communiqué LSAP Wooltz)

# Tessy Küntsch gëtt neien LSAP-Member am Weeltzer Gemengerot

*D'Tessy Küntsch ersetzt de Fränk Arndt, dee sech aus der aktiver Politik zréckzitt.*

D'Tessy Küntsch iwwerhëlt dem Fränk Arndt säi Mandat als Gemengerotsmember. Doriwwer goufen d'Membere vun der LSAP Wooltz haut den Owend op enger ausseruerdentlecher Generalversammlung informéiert.

De Fränk Arndt zitt sech no enger laanger Carrière aus dem aktive politesche Liewen zréck. Hie war vun 2000 bis 2006 Conseiller, vun 2006 bis 2009 Schäffen a vun 2009 bis 2023 Buergermeeschter vu Wooltz. Vun 2013 bis 2018 souz hien och fir d'LSAP an der Chamber.

D'LSAP Sektioun Wooltz seet dem Fränk Arndt e grousse Merci fir säin Engagement am Weeltzer Gemengerot. Hien huet a senger ganzer politescher Carrière, a virun allem als Buergermeeschter vu Wooltz, wesentlech Akzenter fir d'Zukunft vun der Gemeng gesat. Villes, wat heen op d'Schinne gesat huet, wäert och nach an deenen nächste Joren ëmgesat ginn.

A senger wuelverdéngte Pensioun wäert de Fränk Arndt der LSAP Wooltz awer weider als aktive Member erhale bleiwen.

Op der Lëscht vun der LSAP Wooltz hat sech bei de Gemengewalen 2023 als Nächstgewielten de leider vill ze fréi verstuerwenen Mike Hieff klasséiert. Gären hätte mir heen am Gemengerot gesinn – d'Schicksal wollt et anescht!

No him gouf d'Tessy Küntsch op der LSAP-Lëscht gewielt, an d'Tessy wäert d'Mandat als Gemengerotsmember och unhuelen. Hatt wäert sech mat Stolz a groussem Engagement fir seng Gemeng asetzen. Dem Tessy Küntsch wënscht d'LSAP Wooltz „Bonne Chance".

LSAP Wooltz, de 26. September 2024

LSAP Wooltz - 68, rue de Gasperich L-1617 Luxembourg
T. 45 65 73 - info@lsap.lu

#ZESUMMEN